N°374
Entrée le 21.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.02.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister, den Här Familljeminister an d'Madamm Minister fir Gläichheet an Diversitéit weiderzeleeden.

Zanter Enn Oktober 2023 gi sougenannt Dubliner ënnert den Asylbewerber (DPIen), d.h. Leit, déi sech schonn an engem aneren EU-Land an der Asylprozedur befannen awer zu Lëtzebuerg eng zousätzlech Demande stellen, bei der Zouweisung vun den Iwwernuechtungsméiglechkeeten an entspriechende Strukturen op eng Waardeléscht gesat. Déi Decisioun gouf nach vum deemolege Bausseminister Jean Asselborn geholl an de 24. Januar duerch den Här Familljeminister géigeniwwer RTL, och am Numm vun där neier Regierung bestätegt. Déi genannte Léschte betreffen awer ausschliisslech Männer déi eleng reesen, Frae si vu vireran ausgeholl.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Gesäit d'Regierung an där Moossnam net eng kloer Diskriminéierung vun de Männer, well hei eng bestëmmte Bevëlkerungsgrupp nëmmen opgrond vun hirem Geschlecht benodeelegt an enger aner privilegéiert gëtt?
2) Gesäit d'Regierung vir, déi entspriechend Waardeléscht an Zukunft paritéitesch tëschent den zwee Geschlechter opzedeelen, fir nees op de Wee vun där gesetzlech virgeschriwwener Gläichbehandlung vun de Geschlechter zeréckzekéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°374
Entrée le 21.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil a vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 374 vum Här Deputéierte Fred Keup**.

Däss Regiirung steet fir eng Gläichbehandlung vun de Geschlechter an alle Beräicher. De Regiirungsprogramm gesaït awer och Passage vir no denen speziell vulnérabel Kategorie vu Leit wéi zB „femmes sans abri" a „femmes réfugiées" eng besonnesch Attentioun solle kënne kréien.

Wat elo déi ugeschwate Waardelëscht ugeet, ass ze soen dass dëss opgrond vun der extrem ugespaanter Lag agefouert gouf.

Et handelt sech hei em eng Mesure d'Urgence en faveur vu vulnerabele Persounen, wou soll sécher gestallt sinn datt dës Persoune prioritär hebergéiert ginn.

Dozou gehéiere virun allem Fraen a Kanner déi mat hire Familljen ukommen oder Mineurs non-accompagnés mee och krank oder eeler Leit souwéi Leit déi ënner schwéieren Traumata leiden.

Lëtzebuerg, den 21.03.2024

Den Minister fir Famill, Solidaritéit,

Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn